## Freifunk - Fräifunk - Fräie Funk?

Mir sinn eng Initiativ ouni Gewënnzweck mat dem Zil, enn flächendecken a fräit WLAN-Netzwierk obzebauen. Mir fannen datt een Zougang am Internet hautdesdaags muss erméiglecht ginn, well et dat séiersten an einfachst MEdium ass fir sech ze informéieren an ze kommunizéieren. Freifunk Lëtzebuerg schafft mat veschiddene Communautéiten uechter d'Land an ënnerstëtze d'Leit dobäit Freifunk bei sech ze installéieren. D'Initiativ vun Freifunk Lëtzebuerg gëtt betreit an deelweis och vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg bedriwwen.

Ursprénglech kënnt Freifunk, wéi de Numm well undéit, aus Däitschland, wou et kleng ugefaangen huet, awer mëttlerweilen och schann ganz Bundeslänner, Hand an Hand, mat den Fräiwëllegen vun Freifunk schaffen. Mëttlerweilen huet sech Freifunk well iwwerall am däitschproochegen Raum etbléiert. Donieft ginn et och grenziwwergräifend Kooperatiounen, wéi den Drälännereck Schwäiz, Däitschland a Frankräich.

## Wat bitt Freifunk?

- Gratis an onkomplizéierten WLAN Zougang - Déngscht um Bierger
- Mesch-Netzwierk fir eng flächendeckend WLAN Ofdeckung
- Schafft ouni Problemer zousätzlech zu ärer momentaner Infrastruktur
- Regelméisseg automatesch Updates
- Einfach a bëlleg an der Uschafung
- Minimalen Entretien
- Keng Störerhaftung*

* Dir sidd net dofir verantwortlech wat een aneren iwwert ären Freifunk Router mécht.

## Wat brauch een dofir?


Mir bidden iech eng Parti virkonfiguréiert a programméiert Router un, déi een just nach un den existenten Internet Reseau muss uschléissen. Gären kommen mir och sur place kucken wat ären Besoin ass a wéi Freifunk do hëllefen kann. Noutwennen gëtt dat zum Beispell, wann een Outdoor Router brauch. Hei bidden mir iech moosgeschneidert Méiglechkeeten un.

Wichteg ass, dass et well eng existent Internetleitung gëtt. Freifunk kann nëmmen funktionéieren wann et sou eng gëtt.

## Wat ass de Virdeel zu aneren Solutiounen?

Freifunk kritt automatesch Software Updates vun enger grousser Communautéit vu Leit. Eventuell Sécherheetslücken oder kritesch Updates kënnen ouni matwierken vun engem 3 gemaach ginn an dat immens séier.

Weiderhin benotzt Freifunk déi sou genannten Mesh-Netzwierk Technologie, déi et erlaabt, datt wann 2 oder méi Router Siichtkontakt mateneen hunn, sech hier Internetleitung kënnen deelen. Sou ass et zum Beispill méiglech, datt een an enger Strooss wou 10 Haiser stinn, net all eenzel Haus och seng Internetleitung muss zur Verfügung stellen.



De Freifunk Router an den ganzen Traffic, deen iwwert Freifunk entsteet, ass komplett vun ärem momentanen Netzwierk getrennt. Dat heesch och, datt den Bedreiwer vun engem Freifunk Router net verantwortlech ka gemaach ginn fir dat wat anerer iwwert den Freifunk Reseau maachen.

